RIED Blanche Weber, Presidentin Mouvement Ecologique, Oekofestival 2021

Madamm Minister,
Här Minister,
Leif Politiker, Gemengeleit, Vertrieder vun offizielle Strukturen a Büroen,
Leif Invitéen, Memberen a Frënn,

Mir freeën eis immens Iech um Oekofestival begréissen ze kennen. Sech no quasi 2 Joer COVID-Restriktiounen erëm op engem Fest ze gesinn: et ass einfach e ganz schéint Gefill. An dann och nach – Dir erënnert Iech – bei sonnegem Oekofoire Wieder. Deemools wuare mäer ëmmer frustréiert wann et net gereent huet, elo si mäer glécklech. Wat well ee méi.

Dommerweis "stinn" ech a Krätschen hei. Ech si viru 7 Woche mam Vëlo gefall, hu mäer Verschiddenes gebrach a muss elo nei operéiert ginn.

Ma wéi esou oft am Liewen: villes huet Vir- a Nodeeler.

De Verglach ass e bëssewäit hiergeholl, an awer: mäi Kierper weist mäer dëser Deeg nawell brutal, datt ech an dësem Fall net vill ze Radetten hunn. Ech, deen ëmmer gemengt huet, ech hätt deen duerch mäin Wëllen awer nawell am Grëff, misst just alt e puer Dommheete vermeiden oder Sport maachen, kréie vun him elo ganz däitlech Grenze gewisen.

An dann hat ech och nach d'Chance den Dag nodeem ech déi éischte Kéier aus dem Spidol doheem wuar beim Staarkreen meng Wunneng iwwerschwemmt ze kréien. Déi Waassermasse wuare gewalteg, de Kaméidi vun dem reegelrechte Waasserfall erdréckend... Ech hat éierlech gesot een Ablack bal Panik, wéi déi Waassermasse rasant geklomme sinn an ech hëlleflos do stoung mat menge Kretschen an d'Kolleegen an d'Pompjeeën nach net do wuaren.

Ma et geet mäer gutt. Meng Bréch wäerten heelen, ech ginn erëm gesond, mäin Haus steet nach. Onvirstellbar wéi vill méi Leed aner Leit matmaache mussen.

An awer: Dat wat mäer dëse Summer geschitt ass, huet eppes bei mäer verännert resp. nach méi bewosst gemaach an ech mengen datt vill aner Leit dat Gefill deelen:

1. **De Mënsch verännert net d'Naturgesetzer, egal wéi staark mir eis fillen. Esouvill de** Mouvement, an ech selwer, sech zënter Jore fir dës Iwwerzeegung, oder soe mäer richtegerweis, fir d'Unerkennung vun dësem wëssenschaftlech beluechte Fakt, asetzen, esou vill huet et mech dann awer gerëselt, déi Grenzen elo selwer um kléngen Organismus Kierper mussen unzeerkënnen.
   Firwat ech dat esou soen? Ma well et vläicht grad weiderhi mat de gréisste Problem ass, datt de Mënsch esou Grenzen nach ëmmer net wierklech unerkennt, nach ëmmer mengt mir kéinten den Ökosystem am Grëff hunn an déi Naturgewalte beherrschen.
   Ma wéi trügeresch kann et sinn, wann een sech ze staark spiert.
   Wat en Irrsinn, bei allem wat grad ob der Welt virgeet, vun den Iwerschwemmungen, vum Schmelze vun de Gletschere bis zu de Bëschbränn a villem méi.
   A wat en Irrsinn och, wann ee weess, wei e Virus dës Welt a Schach hält.

   Natierlech kritt elo de Läschte matt, datt eppes net méi klappt. Ma vill ze wéineg gëtt de System a Fro gestallt an de Fokus zevill drop geriicht, wéi mäer déi Situatioune besser "géréieren" kënnen oder wéi eng technesch Weeër et ka ginn. Secher, et ass onerlässlech

iwwert Klimaupassung ze schwätzen. Mais: den Haaptfokus muss drop leien alles ze maache fir d'Klimaveränneren - mee awer och déi grad esou schlëmm Biodiversiteitskris - esou vill ze begrenzen, wéi et nach iergend geet. Hutt Dir awer z.B. zu Lëtzebuerg heieren, datt – fir just bei den Iwerschwemmungen ze bleiwen – eng Debatt ass op elo solle Versigelungsverbueder verankert ginn? Oder verschidde PAGen a Fro gestallt gin, wann doran weider Siedlunge virgesi sinn, wou de Misère nach verschlemmere géingen? Ech kaum oder zumindest bis elo nach net...

Oder hutt Dir héieren datt driwwer geschwat gëtt, wat geschéie muss fir d'Gefor vu weidere Pandemien ze verréngeren. Also mënschlech Agréff a Liewensraim vun den Déieren reduzéieren a villes méi.

2. Ech wosst nach ëmmer Frëndschaften, soziaalt Mateneen ze schätzen, ma no dësem Summer weess ech dest nach vill méi bewosst, **wat d'Bedeitung vun enger léiwer Famill, gudde Frënn an engem gudde sozialen Ëmfeld ass.**

   An deem Zesummenhang: An enger representativer Ëmfro déi d'ILRES Mëtt läscht Joer gemaach huet, sot eng erdréckend Majoritéit vun de Leit, si wéilten net an d'Zäite vu viru COVID zeréck. Si wéilte manner Konsum, manner Zäitdrock, ma méi Mateneen, Naturbezunnenheet, sozial Kontakter. Gëllen dës Iddien nach haut? A virun allem, wéi steet et mat enger Ëmsetzung a politeschem Handelen? *Wierklech opgegraff gouf dësen Challenge dach net....*

Ech menge schonn, datt d'Katastrophen an d'Situatioun op der Welt vun dësem Summer eppes beweegt hunn, d'Leit opgerëselt hunn an datt eng Rei Erkenntnisser vu COVID bleiwe wäerten. Et gëtt och e vill méi grousse rhetoresche Konsens, datt Klimaschutz eng Noutwendegkeet ass, mäer eis Landschafte net weider däerfe verbauen ... An et schwéngt och ëmmer méi mat, datt Konsumdenken, Konkurrenzkampf, Heefe vum Materiellen net der Wahrheit letzter Schluss ist.

Ma dann. No der Rhetorik. Wou sti mäer?

Ech weess net wéi et Iech geet: ma ech hat selten esou ambigu Astellunge wéi grad elo. Wann ech eng Table Ronde wéi gëschter zum Klima kucken an zeguer de Vertrieder vun der Industrie seet en zeréck vun de Klimaschutzmoossname wéilt d'Wirtschaft net méi, oder wann een eng Rei lueweswäert Initiativë vun der Regierung - z.B. am Beräich erneierbar Energien, Kreeslafwirtschaft, e neit Offallgesetz oder och Mobilitéit - gesinn, dann denken ech mer: ma et deet sech dach eppes!

Mais d'Realitéit weist, datt d'CO2-Emissiounen zouhuelen an de Biodiversitéitsverloscht ongehemmt weider geet. Esou vill – vill ze vill - Entwécklunge sinn nach ëmmer am diametrale Widdersproch zu dësen Eenzelaussoen an Eenzelinitiativen:

- Bei der UN-Vollversammlung zu New York dës Woch hunn déi afrikanesch Länner **d'Ongerechtegkeeten an der Verdeelung vun de COVID-Impfstoffer ugeprangert**. De südafrikanesche President Cyril Ramaphosa sot, et wär immens besuergneserregend, datt d'Weltgemeinschaft, wat de gerechten Accès zum Impfstoff betrëfft, d'Grondsätz vu Solidaritéit an Zesummenaarbecht net oprecht erhalen hätt. Et wär en Aarmutszeugnis fir d'Mënschheet, datt méi wéi 82% vun de weltwäiten Impfdosisse vun de räiche Länner akaaft gi sinn, a manner wéi 1% vun de Länner mat nidderegem Akommes. Gefuerdert gouf vun de Länner alt erëm en Ophiewe vun deene vun der Welthandelsorganisatioun festgeluechte Patentrechter fir esou den Accès zum Impfstoff ze erliichteren. Datt dat nach ëmmer net

geschitt ass, ass onerdréiglech. Datt och déi Lëtzebuerger Regierung an eis Chamber sech an entscheedenden Debatten net ganz konsequent fir d'Ophiewe vun dëse Patenter agesat hunn ass net akzeptabel. Solidaritéit, Millenium-Zieler gi mat Féiss getrëppelt. Et ass gutt a wichteg, datt mir fair gehandelte Kaffi a Bananne kafen, ma hei mëscht sech d'Musek!! All Kéier wann et Eescht gëtt wat de Welthandel betrëfft, Fräihandelsaccorde wéi CETA... kippt déi generell Zoustëmmung fir Reformen.

- **Fir de Lien vum internationalen mat dem nationalen Niveau ze maachen:**

  - Virun e puer Deeg ass de Projet vun engem nationalen Ernährungsrot virgestallt ginn, gelueft vun de Ministèren, ma wat Zieler asw. betrëfft ganz kritesch kommentéiert vu villen ONGen. **Onofhängeg dovun: Mir kënnen net ëmmer nei Organer schafen ouni déi Hausaufgaben ze maachen, déi elo direkt musse gemaach ginn an op der Hand leien:**

  - Et läit e Gesetzesprojet um Dësch, fir aus Restopolis – déi Struktur déi fir **Kantinnen** an eis Schoulen zoustänneg ass – eng eege Verwaltung ze maachen. Dëse Projet muss fundamental iwwerschafft ginn. Gebraucht gi kloer gesetzlech Virgaben a Saache bio, vegetaresch a regional Liewensmëttel an engem Méijoresprogramm, an dat ass net virgesinn.
    An et däerf net weider un der zentralistescher Demarche festgehale ginn, datt et am ganze Land gläichzäiteg dat selwecht muss ze iesse ginn. Well gewosst ass, datt bei deene Quantitéiten d'regional Produzente vill méi ewech fueren...
  - An der gläicher Logik muss beim Schouluebst och progressiv Uebst aus bio a regionalem Ubau resp. der Groussregioun no engem Stufeplang ausgebaut ginn.
  - Mir brauchen e Gesetz fir en Zertifizéierungs- a Labeliséierungssystem vu Lëtzebuerger Liewesmëttelen, dat och glafwierdeg ass a mat serieux'en ekologeschen an Déierschutzkrittäre verbonnen ass an och eng Plus value fir kleng a mëttel landwirtschaftlech Strukturen zu Lëtzebuerg bitt. Dat ass am Ablack net de Fall.
  - Den Aktiounsplang Pestiziden ass 4 Joer al: wou bleift d'Ëmsetzung vu villen vun de Mesuren?
  - Lëtzebuerg muss aus der Reform vun der europäescher Agrarpolitik alles eraushuele wat méiglech ass, fir de Biodiversitéitsschutz zum zentralen Zil ze maachen an och verstäerkt des Leeschtunge vum Bauer ze honoréieren. Déi Reforme musse vill méi transparent ausgehandelt ginn: Landwirtschaft, Ëmwelt, Konsumenten a Wëssenschaft sollen op engem ronnen Dësch matschwätze kënnen.

- Glafwierdegkeet bedeit och **keng Pseudo-Léisungen** an d'Wee ze leeden

  - Ze menge mir sollten elo an d'Zone verte eragoe fir nei Siidlungen auszeweisen, ass kloer de falsche Wee, wann ee weess wéi vill Bauland nach an de Perimeteren ausgewisen ass.
  - Dat selwecht gelt fir d'Mobilitéit: et ass net zoulässeg weider Contournementer an zeguer duerch eng wäertvoll Naturlandschaft ze bauen, wéi dat am Réiserbann soll geschéien...
  - Et ass gutt, datt de Wunnengsbau soll ugekuerbelt ginn. Mais: datt de Staat am neie Pacte Logement 2.0 zeg Milliounen ausgëtt ouni gezielt och nei Wunnformen, gemeinschaftlech Wunnformen, Duerchgréngung vun den Uertschaften, ekologesch Siidlungen ... ze puschen, ass net ze verstoen.

- **Mir brauche ganz strukturell Reformen: Nohalteg Steierreform.** Elo steet déi zënter x-Regierungen an de Regierungsaccorden. Lëtzebuerg ass ze soen EU-Schlussliicht an der Besteierung vun Ëmweltverbrauch a –belaaschtung. Et ass wëssenschaftleche Konsens, datt esou eng Steierreform déi zentral Stellschrauf ass a Richtung nohalteg Entwécklung a natierlech Klima- a Biodiversitéitsschutz! Dës Regierung huet elo decidéiert se erëm op déi nächst Legislaturperiod ze verdagen! Mir hunn eng douce CO2-Steier, dat ass gutt, ma dat geet bei wäitem net duer! Mir brauchen eng Reform vum ganze System, dee virun allem och sozialgerecht ass!

  An dozou gehéiert och ganz kloer, datt endlech de Reformtext **fir d'Besteierung vum Leasing – vun den Déngschtween** op den Dësch kënnt. Et ka net sinn, datt de Staat hei weider Gelder verléiert, ouni datt den ekologeschen Usproch de selwechten ass wéi bei de Privatautoen. Dës Reform sollt scho virum Summer kommen, wou ass see?

Ech kéint där Beispiller ganzeg vill opzielen, ma meng Ried ass schonn ze laang. Ouni ganz positiv Projete wou ugaange gi kléng rieden ze wëllen, stinn dës Beispiller exemplaresch fir déi absolut Onkoherenz tëscht Usproch, Noutwendegkeet a Wierklechkeet.

Ma et ass net nëmmen um politeschen Niveau wou des Widdersproch an d'Ae sprangen. Och um gesellschaftlechen am Discours vun de Leit, och an de Medien.

- Do kommen Aussoe wéi: *"Jo zum Klimaschutz, ma ouni Verbueter a mat gesondem Mënscheverstand!"* oder d'Ausso *"jo zu engem gewësse Klimaschutz*". Kéint der Iech virstelle folgende Saz ze liesen: *"Jo zu méi Sécherheet fir Autofuerer, ma ouni Geschwindegkeetslimitatioune ma mat gesondem Mënscheverstand."* Et ass an esou ville Beräicher normal datt et Reegelen a Virgabe gëtt. A grad am Klimaschutz soll dat net gëllen? An engem Beräich wou et net drëm geet e materielle Schued oder e Mënscheliewen oder eng lokal Katastrophe ze verhënneren, ma franchement d'Zerstéierung vun eise Liewensgrondlagen?! Ech soen elo Klimaschutz, ma dat selwecht gëllt och fir de Biodiversitéitsschutz. Dat dann och nach zu Zäite wou eigentlech kee Wëssenschaftler méi leegent, datt eis net méi vill Jore bleiwe fir d'Kar ëremzerappen. Et ass ganz einfach reegelrecht surreal!

- An da kennt natierlech och direkt d'Ausso, et däerfte keng Agrëff an eis Fräiheete geschéien. Ma et misst dach mëttlerweil dem Leschte bewosst sinn, datt déi Virgabe wou mir elo missten anhale Muckefuck sinn, en absolut minimalen Agrëff an eis Fräiheet, par Rapport zu deem wat op eis zoukéim wa mer elo net serieux handelen! Natierlech muss ëmmer iwwerluecht ginn, wéi eng Moossnam, wéi eng Reegel an och wéi e Verbuet zilféierend ass. Ma mir wëllen als Meco ganz kloer e Staat deen och am Sënn vun der Generatiounegerechtegkeet de néidege Kader setzt fir ekonomescht a gesellschaftlecht Handelen am Sënn vum Klima- a Biodiversitéitsschutz an et net dem Eenzelen oder den Acteuren iwwerléisst.

- En anere Punkt: ganz oft wann eng konkret Moossnam genannt gëtt, kënnt d'Géigereaktioun: deen Adressat ass net de richtegen, en anere muss fonnt ginn. *"Klimaschutz jo, ma net op Käschte vun...*". Rezent wuar erëm ze liesen: net op Käschte vun de Baueren. Ma grad Baueren an d'Liewensmëttelproduktioun leiden extrem ënnert der Klimakatastrophe an och de Biodiversitéitsproblemer! An natierlech sinn och si gefuerdert, wéi all aner Bevëlkerungsschichten och. Wa mäer all Kéier wann et Eescht gëtt soen*: "awer*

net op d'Käschte vun" wat geschitt da nach? Näischt! En plus, firwat "*op Käschte vun*".

De richtege Sproochgebrauch wär "*zum Gudde vun*". Wann een eng uerdentlech PAC-Reform géing duerchféieren an e gudde Kader fir landwirtschaftlech Aktivitéite géing setzen, da wär dach de Bauer den éischte Gewënner. Well e selwer manner Pestiziden ausgesat ass, ka méi regional a net fir de Weltmuart produzéieren an aus dem Drock vun "wachse oder weiche" erauskënnt!

Ech hunn elo eenzel Dossieren opgelëscht, ma iwwert allem schwieft bekannterweis d'System- an d'Wuesstemsfro. Mäer däerfen net midd ginn dat ze soen! **Alles brécht zesummen, wa mir net Grenzen unerkennen an derzou stinn, datt manner Materielles e Méi u Liewensgewënn ka sinn.**

Jo, de Meco steet zur Elektromobilitéit. Ma neen, dat geet net duer, mäer musse parallel d'Autoflott drastesch reduzéieren. A jo, de Meco steet och natierlech zu gutt geplangte Wandmillen asw. Ma neen, ee wuessenden Energiehonger ass net méiglech, dat krite mir ni mat Erneierbaren opgefaangen. A jo, de Meco steet och derzou datt Bauland innerhalb vum Perimeter muss erschloss ginn. Ma neen, wann all Joer 13.000 Leit bäikommen, da packe mir de Logementsproblem nawell net.

Mir erwaarde ganz ganz kloer, datt d'Grenze vum Machbaren endlech an de politesche Fokus réckelen. **D'Leit si net domm: d'Kaartenhaus vum onendlechen Wuesstem fält zesummen**. An d'Zuel vun de Wëssenschaftler – am Klimaberäich souwisou, ma och ëmmer méi am Biodiversitéitsberäich – déi de Wuesstemsdrock als Haaptproblem gesinn an de Systemwiessel akloen hëlt a rasantem Ausmooss zou.

Mir stinn an der Hallschent vun der Legislaturperiod. A mir erwaarde kloer Wierder vum Premier a vun alle Regierungsmemberen endlech dës Grenzen an de Fokus ze réckelen. Duerfir folgend ganz kloer Revendicatioune vum Mouvement Ecologique un déi zweet Hallschent vun der Legislaturperiod, niewent de scho genannten:

- **Mir brauchen en Ausstig aus dem Wuesstemszwang**. Direkt! Dat wär emol déi éischt Etapp, datt mäer net méi dervun ofhängeg sinn. Mir brauchen direkt eng Analyse, wéi eisen **Sozialsystem** kann onofhängeg vum Wuesstem gestallt ginn! Direkt! An och wann déi Resultater elo net méi ëmgesat ginn, sollen si d'Debatten am Virfeld vun de nächste Wale prägen.
- **Mir brauche laangfristegt Denken an d'Unerkenne vun de Naturgrenzen**: Den **Nohaltegkeetscheck** fir all Regierungsdecisioun gëtt zënter méi wéi 10 Joer versprach. Heihinner dermat!
- Mir brauche kloer eng **ekonomesch Strategie**, wat d'Neiusiedlung vu Betriber betrëfft – Google lässt grüssen – an och e Konzept wou d'Stäerkung vun der Resilienz, der Regionalitéit – am Sënn och vu Groussregioun - an de Fokus réckelt.
- Absolut onerlässlech ass eng Strategie ze hunn, wéi **d'Transitioun ka sozial begleet** ginn! Ekologie a Sozial Gerechtegkeet sinn 2 Säite vun der selwechter Medaile! D'Transitioun zu enger klimaneutraler a méi nohalteger Gesellschaft däerf net um Bockel vun deenen ausgedroe gi wou manner Geld hunn. Duerfir ass et de Lien "Soziales-Ekologie" op héichstem Niveau zur Debatt mat de Sozialpartner ze stellen a konkret Instrumenter ze entwéckelen. Dës Fro wäert och fir eis déi zentral bléiwen.
- Gebraucht **gi finanziell Mëttelen fir déi Transitioun** hin ze kréien: net handele, géif eis vill méi deier. Kloer budgetär Mëttele mussen op alle Niveaue virgesi ginn.

- Mir musse Weeër opbaue fir eng **Werteverschiebung**, déi och an der COVID Kris vu ville Leit gewënscht gouf: aner Aarbechtszäitmodeller, eng massiv Förderung vun der Gemeinwohlökonomie. Hei musse kloer Instrumenter op den Dësch!
- **Néideg ass e Qualitéitssprong am demokrateschen a Bildungsberäich:**
  - Demokratie ass d'Essenz vun der Gesellschaft an engem gesellschaftleche Wandel. D'Gesetz zum offene Staat an zum Zougank zu Informatiounen ass en Echec, dat seet och de Journalisteverband. Mir wäerte mat all eisem Engagement fir Reformen antrieden a waarden drop, datt de Premier de laang versprachenen Debat doriwwer an d'Wee leed.
  - Den Engagement ass d'Hief am Deeg vun der Gesellschaft. Zu Lëtzebuerg gëtt nach net genuch gemaach fir gesellschaftlechspoliteschen Engagement ze ënnerstëtzen, e.a. duerch e Congé associativ. Mir brauchen awer Leit wou Zäit an d'Méiglechkeet hunn, sech an der Gesellschaft anzebréngen, derzou gehéieren och aner Aarbechtszäitmodeller.
  - Et ass eis Generatioun wou d'Klimakatastrophe an d'Biodiversitéitsstierwen esou wäit et nach iergend méiglech ass begrenze muss. Mäer mussen eng Schoul kréien, wou déi Jonk stuark mécht. Bei all deem Drock deen op der Schoul , den Enseignant'en an de Jonke laascht: mir brauche méi zäitlech Fräiraim an der Schoul fir datt déi Jonk an enger offener Demarche kenne Projet'en maachen, d'Realitéit vun der Gesellschaft verstäerkt verstoe léieren a wéi si sech do mat hiren Iddie kennen abréngen.
- **Zentral ass awer och déi interministeriell Zesummenaarbecht ze verbesseren an en offenen an transparenten Discours iwwert verschidde Standpunkter ze erméiglechen.**

Ech hunn an der Lescht mat ëmmer méi Kolleege geschwat, déi mengen, et wär ze spéit, mir kriten d'Bioversitéits- an d'Klimakris net méi op en erdréiglecht Moos begrenzt. Ech sinn net där Meenung.

Eigentlech hunn ech den Androck, wéi wann déi beschriwwen Ambiguitéit, Onkoherenz tëscht Usproch a Wierklechkeet, eng onëmgänglech Phase an engem Transformatiounsprozess ass. A mir stiechen hoffentlech matzen an esou engem Transformatiounsprozess!

Wëll d'Bewosstsinn wuar jo trotzdeem nach ni esou staark, datt sech eppes doe muss. An ëmmer méi Leit entdecken och, datt de nohaltege Gesellschaftsmodell immens vill Virdeeler huet.

Datt esou eng Transformatioun net reiwungslos a just an totaler Harmonie kéint geschéien, ass nëmme logesch.

Ma natierlech ass et un den ONGe wéi dem Mouvement, un der gesamter Zivilgesellschaft, de Gewerkschaften, gemeinsam fir déi Zieler anzestoen, Zukunftsbiller ze entwéckelen a konsequent d'Weeër vum Transformatiounsprozess opzemaachen.

An dann awer och effektiv der Politik ze soen: jo handelt elo, ier de Leschten iwwerzeegt ass! Politik brauch e gewësse Konsens an Akzeptanz der Gesellschaft, dat ass kloer. Ma grad esou kloer ass, datt d'Politik do ass fir déi reell Zukunftsfroen unzegoen! Mir wäerten eng couragéiert an awer och koherent Politik ënnerstëtzen!

E Festival wéi haut mécht Courage. A niewent Visitten, Diskussiounsforen a villem méi wäerte muer hei eng 30 ONG'en / Acteuren op hire Stänn weise wéi si probéiere vun ënnen erop Iddien an d'Realitéit ëmzesetzen. Haaptamtlecher vun eis hu mat Passioun um Festival geschafft, Éirenamtlecher bréngen et elo mat hinnen zum Liewen. Museker suergen zousätzlech fir di flott Stëmmung.

Mir hunn duerfir grad och haut Grond ze féieren. Net zulescht, ech hunn si nach net ernimmt, well Jonker, Youth for Climate an och eis Jonk vu move. Courage maachen! E ganz ganz grousse Respekt fir si!

Ech wënschen eis e ganz schéine Festival a soen Iech Merci!